Lëtzebuerg, de 16. November 2018

Matdeelung fir d'Press

D'adr an d'Piraten forméieren zesummen an der Chamber en "technesche Grupp"

D'adr an d'Piraten hu mam Datum vum 15. November 2018 decidéiert an der Chamber fir d'Dauer vun dëser Legislaturperiod zesummen en "technesche Grupp" ze constitutéieren. Dës Optioun ass am Reglement vun der Chamber virgesinn an erlaabt et deenen Deputéierten, repektiv politesche Sensibilitéiten, déi an esou engem Grupp vertruede sinn, hir Aarbecht an der Chamber ze optiméieren.

Dësen "technesche Grupp" bedéngt keng politesch Zësummenaarbecht tëschent deene bedeelegete Parteien, déi allebéid hir voll politesch Onofhängekeet behalen.

D'Coordinatioun vun dësem Grupp, esou wäit se fir déi net politesch Aarbecht noutwënneg ass, gëtt tëschent deenen zwou Parteien, proportional zu der Zuel vun hiren Deputéierten, opgedeelt. D'adr assuréiert dës Coordinatioun während deenen éischte 40 Méint vun der Legislaturperiod, d'Piraten iwwerhuelen déi 20 Méint dono.